

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2021

Pls 4878 & 4879

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt


- eis Sozialversécherung, notamment eise Pensiounssystem a senger aktueller Form, laangfristeg wäert ënner finanziellen Drock geroden;

ass sech bewosst, datt

- dës Situatioun, besonnesch déi jonk Leit wäert belaaschten an d'Sécherheet vun hirer Alterssécherung kéint a Fro stellen;
- eng progressiv Verschäerfung vun dësem Probleem mëttelfristeg e Konflikt tëschent de Generatiounen entzünde kann;
- e Staat dee seng Finanzen net am Grëff huet, Gefor leeft, seng Souveränitéit ze verléieren;

fuerdert d'Regierung op, datt

- am Joer 2022 en Zukunftsdësch anzeberuffen, un dem d'Vertrieder vun deenen intereséierte gesellschaftleche Acteuren, inklusiv de politesche Parteien an de Sozialpartner, eng Léisung fir déi laangfristeg Ofsécherung vum Pensiounssystem an de Sozialversécherungen ausschaffe kënnen.


Fernand Kartheiser